**17 Projeten ginn an der 1. Sessioun vun dësem Joer vum Filmfong finanziell ënnerstëtzt**

De Comité de sélection huet an dëser Sessioun net manner wéi 36 Projeten analyséiert.

**17** Filmprojete kréie finanziell Ënnerstëtzung vum Filmfong. Dat huet de Comité de sélection de Méindeg den Owend matgedeelt.

An der Produktioun goufen **7** Projeten vun lëtzebuerger Réalisateuren ënnerstetzt :

- De long-métrage live **DEAD DAD GIRL** vum Stephen Korytko ;
- De long-métrage live **HEADLESS** vum Govinda Van Maele ;
- De long-métrage documentaire **BOXING STORIES** vum Alain Tshinza ;
- D'Dokumentarserie **SERVICE LOGEMENT** vum Anne Schiltz ;
- De court-métrage **WAT MER IERWEN** vum Ken Rischard ;
- De court-métrage **ARMS** vum Raha Razavi Ghashghai ;
- De court-métrage **FLICK** vum Anne Klein an Maurice Sinner.

Am Ganze ginn 12 Filmer vun lëtzebuergesche Réalisateuren ënnerstëzt dovun : 4 Live-Filmer, 2 Animatiounsfilmer, 1 Documentaire, 2 Dokumentarserien  an 3 Kuerzfilmer.

De Comité de sélection kënnt all Joers véier Mol zesummen, déi nächst Sessioun wäert dann am Abrëll-Mai 2025 stattfannen.

Déi komplett Lëscht mat alle Projeten, déi zeréckbehalen goufen, fannt Dir am offizielle Pressecommuniqué vum Filmfong.